**N° 4282**
Reçue le 14.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.05.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/05/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

An menger parlamentarescher Fro n°895 hat ech den deemolege Gesondheetsminister op eng Rupture de Stock vu medezineschem Cannabis opmierksam gemaach. Deemools gouf wéinst dem Manktem u Cannabis entscheet fir kengen néie Patienten ee Cannabis-Traitement ze verschreiwen.
De Minister huet deemools annoncéiert:

> *"Zënter Februar a bis den 30. Juni [2019], kruten 270 Patienten eng éischt Behandlung mat medezineschem Cannabis.*
> *Et ginn Alternativen zu medezineschem Cannabis. Fir jiddereng vun den dräi Indikatiounen kann den Dokter op eng ganz Rei vun Medikamenter zréckgräifen, déi sech ebenfalls als wierksam avéréiert hunn.*
> *Fir Liwwerenkpass ze evitéieren gëtt momentan duerch en Appel d'offre en Fournisseur fir den Rescht vun der Piiotphase(31. Dezember 2020) festgeluecht.*
> *An deem Kader ginn reegelméisseg Liwwerungen virgesinn fir den Approvisionnement ze garantéieren."*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Si momentan déi dräi Zorte vu medezineschem Cannabis zu Lëtzebuerg accessibel oder gëtt et Enkpäss?
   Falls mir eis an enger Situatioun vu Rupture de stock befannen, wat sinn d'Grënn?

2. Wéivill Enkpäss sinn et säit August 2018 scho ginn a wéi laang hunn se jeweils gedauert?

3. Fir wéini ass déi nächst Liwwerung geplangt?

4. Ass d'Ministesch der Meenung, dass Medikamenter eng gutt Alternativ zum medezinesche Cannabis sinn, esou wéi hire Virgänger dëst a senger Äntwert erkläert huet? Zu wat fir gesondheetleche Réckschléi kann et bei de Betraffene kommen, wann si hiren Traitement mussen ënnerbriechen an op Medikamenter auswäichen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député